QU N° 2876

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

RECU
Par Christine Wirtgen , 14:37, 22/09/2020

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. September 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

RTL mellt haut, 22. September, datt den ëmstriddene Projet vun enger Jughurtsfabrick zu Beetebuerg net realiséiert gëtt, well de Betrib leschten Enns op de Projet verzicht. Dowéinst meng Froen un de Här Wirtschaftsminister:

1. Kënnt Dir dës journalistesch Meldung konfirméieren?
2. Wat geschitt mat deem Industrieterrain, deen d'Firma zu Beetebuerg kaf huet?
3. Huet de Staat scho Sue fir d'Viabilisatioun vum Terrain engagéiert, déi iwwert dat Üblecht eraus ginn, wéi zum Beispill dee laangen Ofwaaserkanal bis an d'IUelzecht?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Le caractère urgent de la question a été reconnu (22.09.2020)

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742